



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

ALEM Studenteninterview

Numm : Robert

Studiestadt : Freiburg

1. A wéi engem Joer/Semester bass du ?

6. Joer, 11. Semester

2. Firwat wollts du Medezin studéieren?

Ech wollt méi genee verstoen, wéi de mënschleche Kierper funktionéiert. An et ass interessant, dass een d'Entscheidung vu sengem spéidere Beruff (Spezialitéit) eréischt am Laf vum Studium trëfft.

3. Vu wéi enger Sektoun bass du komm? Bass du gutt op d'Studium virbereet ginn?

Sektoun B. Ech bereien et guer net, eng B gemaach ze hunn a keng C, well ech mech genee esou bereet gespuert hunn an ech d'Sektoun B méi interessant fannen. D'Biologie kann een och gutt am Studium selwer dono léieren.

4. No wéi engen Critèren soll een denger Meenung no seng Unisstad eraussichen?

Am beschten bild ee sech eng Meenung mat den Erfarungen vun de Studenten, déi schonn an dëser Stad Medezin studéieren. D'Qualitéit an d'Organisatioun sinn déi wichtegst Critèren, mee d'Distanz zu Lëtzebuerg an de Präis sollen och gekuckt ginn.

5. Wéi hues du dir mat der Admissioun gedoen? (Nott, Examen d'admission, etc.)

Mat enger 1.0, also mat enger Nott gläich oder iwwer 50/60 am Premièresexamen konnt ech mech op « Hochschulstart.de » umëllen an do mäi Choix uginn. Krut och mäin éischte Choix. En optionalen TMS konnte ee schreiwen, war awer deemols net néideg.

6. Wat häss du deemools beim Choix, Umeldung oder Ufank kéinten besser mann an wat sinn Tipps déi du engem géings ginn?

Wann ee weess, dass ee sécher eng Plaz an Däitschland an der Medezin kréie well, da muss ee sech kloer sinn, dass een op der Première richteg gutt schaffe soll an sech vun Ufank un motivéiert hannert säin Ziel setzen.

Sech net vun den däitschen Prüfungen am éischte Joer stresse loosse, well se méi einfach sinn, wéi den Examen op der Première.

7. Wéi bass du mat denger Uni zefridden?

Zu 85% zefridden.



ALEM a.s.b.l.

Association Luxembourgeoise des Etudiants en Médecine

The Luxembourgish Medical Students' Association

8. Wéi ass et mat der Fräizäit?

Vill méi wéi an de franséischsproochege Länner. Et kann ee sech seng Zäit besser andeelen.

9. Wat war deng schlémmsten Erfahrung am Studium?

Den Pflegepraktikum, bei deem ech ze wéineg Unerkennung krut.

10. Wat huet dir besonnesch gutt gefall bis lo? Wat war bis elo déi markantsten Erfahrung am Studium?

- D'Méiglechkeet seng Stagen flexibel am Ausland ze maachen.
- Déi verschidde Gruppen vu Medezinsstudenten, déi sech niewelaanscht engagéiere.
- Eng Dokteraarbecht maachen ze kënnen, déi ee fräi auswielen dierf.

11. Sinn deng Virstellungen vum Studium erfëllt bis elo?

Jo.

D'Prüfungen sinn heinasdo méi einfach wéi geduecht. Wat och bedäit, dass de Sprong vum Medezinsstudent zum Dokter kee klengen ass.

12. Hues du schon Stagen gemaach? Géings du se éischer zu Lëtzebuerg maachen oder net?

Jo. Et ginn ënnerschiddlech Stagen. Verschidde Stagen kënnen zu Lëtzebuerg gemaach ginn, anerer solle léiwer am Studieland gemaach ginn, well d'Spideeler an d'Dokteren do besser Stagiairen encadréiere kënnen.